

# Spezialcamionnette fir d'Amicale Foyer Pietert

## Schlëssel zu Gréiwemaacher feierlech iwwerrecht

Et war e besonnesche Moment, wéi d'Präsidentin vun der „Amicale Foyer Pietert“, Muschi Silber-eisen, dëser Deeg bei Geleeënheet vun engem Grillfest fir déi behën-nert Frënn, hir Familjen an all déi, déi hinnen nostinn, am Gréiwe-maacher Foyer Pietert de Schlëssel vun enger behënnertegerechter Camionnette un d'Waltraud Frères a Verriedung vum Martina Haas-eritter iwwerrecht huet. Eppes méi wéi 22 000 Euro huet dës

Camionnette kascht a si ass finan-zéiert gi duerch déi stolz Zomm, déi der Amicale iwwerwise gi war, wéi e grouse Frënd vum Pietert, de Sylvain Silbereisen, ufanks 2008 gestuerwen ass.

Aus deem Grund huet d'Camionnette als Erkennungszechen d'Nummer „SY 1963“ (dem Sylvain säi Gebuertsjoer). Dee sympathischen, dévouéierten an ëmmer gutt gelaunte Member vun der Amicale leeft am Pietert weider, hu

wuel vill Elteren, Membere vun der Amicale a Frënn geduecht, déi bei dësem klenge Fest fir déi behënnert Frënn derbäi waren, ënner hinnen och d'Tatjana an d'Caroline Silbereisen. An et ass gutt, dass et esou Momenter gëtt, well si beweisen, dass léif Mënschen, déi äis verlooss hunn, iwwer hiren Doud eraus weiderliewen a Guddes bewierken - zum Beispill fir déi behënnert Frënn aus dem Gréiwe-maacher Foyer Pietert. (m.h.)



Eng behënnertegerechter Camionnette gouf dëser Deeg iwwerrecht.

(FOTO: MONIQUE HERMES)